



**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Justizministesch, Sam TANSON, a vun der  
Gesondheetsministesch Madame Paulette LENERT op d'parlamentaresch Fro n° 6768 vum éierbaren  
Députéierten Fernand Kartheiser zum Sujet „Ofdriewungen “**

- 1) Goufen am Joer 2021 zu Lëtzebuerg Dokteren oder/a Frae sanktionéiert, well se eng Ofdriewung “hors délai” duerchgefouert hunn bzw. Duerchféiere gelooss hunn? Wa jo, ëm wéivill Fäll handelt et sech dobaï.

Laut den Justizautoritéiten gouf et keng nei Fäll an och keng Veruerteelung am Joer 2021.

- 2) Huet eng Organisatioun wéi de Planning familial eng Responsabilité pénale am Kontext vun Ofdriewungen “hors délai”, déi vun hir planifiéiert oder vermëttelt ginn, och wann d'Ofdriewung selwer am Ausland gemaach gëtt?

D'responsabilité pénale vu juristesche Persoune gouf zu Lëtzebuerg duerch d 'Gesetz vum 3. Mäerz 2010 agefouert.

All Entitéit, déi eng juristesche Perséinlechkeet huet, ausser de Staat a Gemengen, also all Betriber an Associatiounen, kennen strofrechtlech verfollegt a veruerteelt ginn wann se sech eppes ze Scholden kommen gelooss hunn. D'Konditionen sin ënnert dem Art.34 vum Code pénal ze fannen.

Wann déi Faiten am Ausland geschitt sinn, dann muss een sech op d 'Artikelen 5-1 et suivants vum Code de procédure pénale bezéien. Déi Artikelen iwwert d'territorial Kompetenz bestëmmen an wéi engen Fäll déi national Gerichter kënnen zoustänneg sinn falls d 'Dot sollt am Ausland geschitt sinn.

- 3) An hirer Äntwert op d'parl. Fro Nr. 6427 schreift d'Regierung: „L'éventuel prolongement du délai de droit à l'IVG de 12 semaines à 14 semaines au Luxembourg est actuellement à l'étude. (...) Dans ce sens, des réunions de concertation sont prévues dès la rentrée entre le ministère de la Santé et la Société de Gynécologie et d'Obstétrique ainsi que le Planning Familial. » Heescht dat konkret, datt Liewensschutzorganisatiounen wéi « Vie naissante » net bei dese Berodunge konsultéiert ginn? Wa jo, firwat net?



Wéi an der Äntwert op d 'Fro Nr. 6427 erkläert, sinn d 'Iwwerleeungen bezüglech engem eventuellen Prolongement vum legalen Délai fir eng Ofdreiwung vun 12 op 14 Schwangerschaftswochen eréischt am Ufanksstadium an d'Diskussiounen sinn an enger éischer Linn medizinescher Natur. An deem Kader ginn déi concernéiert Acteuren em hiren Avis gefrot. Falls esou eng Ännerung effektiv sollt an Kraaft treden, wäert dat eng legislativ Ännerung mat sech bréngen wou verschidden Acteuren och em een formellen Avis gefrot wäerten ginn.

Lëtzebuerg, den 7 Oktober 2022.

D'Justizministesch

(s.) Sam Tanson